N°574
Entrée le 03.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°574 vum 4. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

1. **Wéi ass dës Statistik zënter 2015 evoluéiert?**

2015 gouf et 56 Federatiounen, 1.411 Sportsveräiner déi 126.030 Sportler*innen encadréiert hunn. An de Joren dono hunn sech dës Zuele liicht verännert sou dat et 2023 55 Federatiounen, 1.300 Veräiner an 136.805 lizenzéiert Sportler*innen gouf.

2. **Wéi ass parallel dozou wärend dëser Period d'Zuel vun de Veräiner am Keelesport evoluéiert? Wéi erkläert sech de Minister dëse Phenomen?**

Am Keelesport muss een e Réckgang vun de Veräiner vun 307 Clibb 2015 op 158 Clibb am Joer 2023 feststellen.

Zu den Ursaache vun dësem Réckgang leie mir net genuch Informatioune fir, déi mir et géifen erlaben eng fundéiert Ausso heizou ze tätegen.

3. **Wéi steet de Minister zu der Evolutioun vun der Gesamtzuel vun de Lizenzen am Sport säit 2015 ?**

Generell ass den Zouwuess u Lizenzen am organiséierte Sport, an absolutten Zuelen, duerch den demographesche Wandel z'erklären. Allerdéngs, wann een sech d'Zuele genee ukuckt, muss ee feststellen, dat 2015 nach ronn 22,4% vun der Populatioun eng Lizenz an engem Sportveräin hat. 2023 sinn et just nach 20,7%.

Als Sportsminister gefält mir dës Tendenz natierlech net. Dofir ass et mir immens wichteg d'Réckgrat vum Lëtzebuerger Sport, dat heescht eis Veräiner esou ze stäerken, dat si hiert gesellschaftlecht Potenzial kënnen entwéckelen, an d'Leit de Wee an d'Veräiner erëm fannen, sief dat als aktive Member oder als Benevole.

**Lëtzebuerg, den 3. Mee 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo